



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/04/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Wéi d'Agence France-Presse matdeelt, huet Dänemark beschloss, dem däitsche Bundesland Schleswig-Holstein 55'000 Dosen AstraZeneca Vaccin zur Verfügung ze stellen. An Dänemark gëtt dës Vaccin net méi agesat, an dofir huet sech déi Dänesch Regierung bereet erklärt, hiren Noperen ze hëllefen, nodeems de Ministerpresident vum Bundesland dëst gefrot hat.

An deem Zesammenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Steet d'Regierung a Kontakt mat Dänemark an anere Länner, déi am Besëtz vu Vaccine sinn, déi si an hirem Land net méi verimpfe wëllen?
2. Huet d'Regierung schonns bei der Dänescher Regierung ugefrot, op nach weider Dosen AstraZeneca disponibel sinn?
  - Falls jo, wat war d'Reaktioun vun der Dänescher Regierung?
  - Fall nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Député

